PATIENTE VERTRIEDUNG ASBL

<u>**Lëtzebuerg den 11. Juni 2020**</u>

<u>**Btrëfft : Öffentleche Bréif iwert d'Besuchsrecht an den Alters-an Pflegeheemer**</u>

Madamm Minister Cahen, Madamm Minister Lenert,

ewéi schonn an eisem Bréif vum 28.05.2020, hunn mir d'Patiente Vertriedung asbl, Iech op Problematik vum Besuchsrecht an den Altersheimer opmierksam gemaach.

Obwuel, ee Besuchsrecht erëm méiglech ass, gi mir nach bal all Dag, vun Leit kontaktéiert, déi hir Emotiounen, Ängschten a Roserei, zum Ausdrock bréngen, well se hir Léifsten, an engem Alters-oder Fleegeheim, nach ëmmer net oder nëmme sporadesch kënne besiche goen.

Well et bis dato keng genee Richtlinnen gi, kann all Direktioun vum Haus selwer decidéieren ob an wéi si den Besuch organiséieren. Doduerch, dass et keng genee Leitlinne gi, interpretéiert all Haus et anescht, dat geet vun bis, dass gesot gëtt, et dierft keen vun der Famill eran an d'Haus, et dierf nëmmen ënner Opsicht Besuch empfaange gin asw.

An sou ass och a munchen Haiser den Besuch just ënner ganz strengen Oplagen méiglech zB muss ee laang am viraus RdV huelen, Besuch nëmmen hannert enger Plexiwand déi esou deck ass, dass et den eelere Leit net méiglech ass den Besuch ze verstoen. Munch ee Bewunner huet dat esou traureg gemaach, dass sie gesot hunn, ënnert dësen Ëmstänn wéilten sie léiwer keen gesinn, wëll sie sech dach net sou kéinten austauschen wéi sie et wéilten. Och ass an villen Haiser beim Besuch eng Persoun vum Personal mat dobäi, och bei Leit déi gutt eleng eens gin. Vun Privatsphär ass net ze schwätzen, wichteg Saachen déi mussen beschwat gin z.B. finanziell Suergen, gin net ugeschwat, eben wëll en « Friemen » mat am Raum ass. Vill Leit hun ons an dësem Zesummenhang matgedeelt, dass sie sech fillen wéi an engem Prisong wou eng Opsicht muss dobäi sin.

Enger Ausso no: *"Kontakter sinn nemmen dobaussen op RdV méiglech, d.h. d'Residents kommen mat verschiddenen Persounen an Kontakt. Mat groussem Opwand ginn d'Bewunner, déi sech net selwer kennen beweegen bei den Wuerenquai (Quai de livraisons) begleet. Hei, brauchen des Leit dann weider Hëllef fir dësen Quai se verloossen an sech bis bei eng Sëtzgeleeënheet, déi net nobäi ass, ze beweegen. "*

Dëst gëtt esouwuel vun den Bewunner als och vun den Familljememberen als ganz onangeneem empfonnt.

Vill Bewunner stellen sech d'Fro, wat se falsch gemaach hunn, dass sie net méi reegelméisseg kënnen hir Léifsten gesinn.

Duerfir fuerderen mir, Patiente Vertriedung asbl, nach emol kloer an däitlech, dass allgemeng Richtlinnen ausgeschafft musse gi, esou, dass jiddwereen sech dorun orientéieren kann. Am

1B, rue Thomas Edison L-1445 Strassen
Tél. 49 14 57–1 Fax 49 14 58
Agrément Ministère Santé 2018/04
CCPL LU02 1111 1249 7236 0000
BGLL LU67 0030 7221 0470 0000
BCEE LU07 0019 6100 0075 5000
www.patientevertriedung.lu

PATIENTE VERTRIEDUNG ASBL

Beräich vun den Spideeler, wou och all Haus aner architektonesch Begebenheeten huet, déi eng Haiser modern sin, déi aner méi aal, war et méiglech, dass vun der Direktioun vun der Santé kloer an präzis Leitlinne opgestallt gin sinn. Wisou soll et dann net och am Beräich vum long Sejour méiglech sinn?

Eng Méiglechkeet fir et den Haiser ze vereinfachen wier, am Beräich vum long Sejour eng « task force » op d'Been ze stellen, déi sur Place an déi Haiser geet, déi Schwieregkeeten hunn, déi uewen gefuerdert Leitlinnen ëmzesetzen. Zesummen mat den Experten vun der « task force » kann dann gekuckt gin, wéi en d'Leitlinnen kann sécher an gutt ëmsetzen.

Weideres hunn vill Haiser d'Méiglechkeet bei guddem Wieder hir Baussenanlagen ze notzen, an dem Bewunner an dem Besuch d'Méiglechkeet ze gin, sech do kënnen ze gesinn.

Mir, Patiente Vertriedung asbl, sinn eis bewosst, dass dëst net einfach ass. Dass d'Regierung hiert Méiglechst gemaach huet, fir d'Leit ze schützen an d'Verbreedung vum Virus ze ënnerbannen, wou mir Patiente Vertriedung asbl, den Verantwortlechen, eis déifsten Luef ausdrécken.

Mee, d'Wuelbefannen vun den Leit ass over genau esou wichteg, an et muss dem genau esou Rechnung gedroen gin.

Zesummefassend fueder mir also :1. dass genee Richtlinne ausgeschafft gin, an 2. och eng "Task Force" geschaffen gëtt, fir deenen eenzelen Haiser kenne, mat Rod an Dot, zur Säit ze stoen.

1B, rue Thomas Edison L-1445 Strassen
Tél. 49 14 57–1 Fax 49 14 58
Agrément Ministère Santé 2018/04
CCPL LU02 1111 1249 7236 0000
BGLL LU67 0030 7221 0470 0000
BCEE LU07 0019 6100 0075 5000
www.patientevertriedung.lu